siounssëtzung, wou ech dat nach eng Kéier konfirméieren.

Ech si gefrot ginn, ob Holland dat eenzegt Land wär, dat ratifizéiert hätt. Jo, dat as wouer, well ech hun dat haut de Moien nach eng Kéier nogefrot.

Ech wär ganz d'accord, fir d'nächst Woch nach eng Kéier an d'Commission juridique ze kommen. Mir hueien et dann nach eng Kéier op den Ordre du jour, wann dat de Wonsch vun der Châmber as.

Et besteet no 10 Jor eng relative Urgence, fir dës Konventioun unzehuelen, mä et kënnt nët op eng Woch un. Et as un der Châmber fir dat ze décidéieren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Madame Durdu huet d'Wuert gefrot.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Ech si ganz d'accord mat deem, wat de Minister gesot huet. Hie kënnt jo souwisou d'nächst Woch an d'Commission juridique wéinst anere Problemer an da kéint ee jo dann nach eng Kéier iwwer dës Konventioun schwätzen. Ech si frou, datt hien esou verstänneg as, an eis Bedenken oprecht erhält.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den Här Weiler huet d'Wuert gefrot.

**M. Lucien Weiler** *(CSV)*.- Mir hu kee Problem dermat, fir mam Vote ze waarden.

**M. le Président.**- Et kann ee festhalen, datt d'Châmber an d'Regirung d'accord sin, fir dee Projet nach eng Kéier zréck an d'Kommissioun ze schécken. De Projet kënnt dann déi nächste Kéier op den Ordre du jour fir driwwer ofzestëmmen. As d'Châmber domat averstanen?

*(Assentiment)*

Den Här Minister Frieden huet d'Wuert gefrot.

## 4. Dépôt d'un projet de loi

**M. Luc Frieden**, *Ministre du Budget*.- Ech wëll nach e Projet de loi deposéieren. Ech sin duerch den Arrêté vum 2. Oktober autoriséiert gin, fir de

*-Projet de loi 4478 portant transposition de la directive 97/5/CE concernant les virements transfrontaliers dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier*

ze deposéieren.

**M. le Président.**- D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister Luc Frieden. De Projet de loi gët an déi zoustänneg Kommissioun virugeleet.

Mir kommen dann elo zu der Question urgente vun der Mme Anne Brasseur iwwer d'Fluggesellschaft Solid'air. D'Regirung huet sech bereet erklärt fir haut de Mëtten an der Sëtzung drop ze äntwerten. D'Mme Brasseur huet d'Wuert.

## 5. Question urgente 529 de Mme Anne Brasseur sur l'avenir de la compagnie aérienne luxembourgeoise Solid'air

**Mme Anne Brasseur** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun den 8. Oktober 1998 dës Fro iwwer d'Compagnie aérienne Solid'air gestallt. An der Zwëschenzäit si schon eng Rei vun dëse Froen duerch d'Evenementer beäntwert gin.

Méng éischt Fro déi ech un d'Madame Transportminister gestallt hat, war déi, ob si iwwer d'Schwieregkete vun där Sociétéit informéiert wär. D'Madame Minister huet an der Zwëschenzäit och schon an der Press dozou Stellung geholl an huet gesot, datt si doriwwer géing Bescheed wëssen.

Méng zweet Fro huet sech mat den néidegen Autorisatioune beschäftegt. Et brauch ee jo engersäits eng Licence d'exploitation an anerersäits e Certificat de transport aérien. Do huet d'Madame Minister jo gesot, datt den Dossier eréischt examinéiert gët, wann de Parquet séng Enquête ofgeschloss huet.

Méng drëtt Fro as déi ob de Ministère all néideg Piècën huet déi ee brauch, fir d'Instruktioun vun esou engem Dossier ze maachen a fir engersäits d'Licence d'exploitation an anerersäits de Certificat de transport aérien erauszegin. Huet d'Sociétéit Solid'air all néideg Pièce beim Transportministère hannerleegt, oder nët?

Wann der erlaabt, Här President, géif ech och nach gär eng Zousazfro stellen. Steet d'Sociétéit Solid'air och op zolidde Féiss? Wéi eng Menung huet d'Madame Minister dozou?

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Madame Mady Delvaux-Stehres huet d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Brasseur huet op déi meescht Froë schon eng Äntwert kritt. Et as awer trotzdeem interessant fir d'Châmber ze informéieren, datt d'Sociétéit Solid'air am Dezember eng Demande beim Transportministère eragereecht huet, fir d'Exploitatioun vu Lëtzebuerg aus accordéiert ze kréien. Do leeft eng normal Prozedur.

D'Gesellschaft schéckt en Dossier eran. Da kritt si en Accusé de réception, datten si en Dossier eragin hun. Si kréien da gesot, wat fir eng Formalitéiten ufalen.